ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
26 SEP. 2019
1253

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 24. September 2019

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Justizminister (d'Madamm Justizminister a.i.) weiderzeleeden.

D'Gesetz vum 8. Mäerz 2017 gesäit vir, datt ee muss e Cours mat Numm "Vivre ensemble au Grand-Duché de Luxembourg" besichen, fir d'Lëtzebuerger Nationalitéit kënnen ze kréien. Fir d'Kandidate gëtt et och eng Lëscht vu Referenze vu verschiddene Spawecksssäiten, op deenen een Informatiounen zu deene verschiddene Matière ka fannen, déi an dem Cours mussen traitéiert ginn.

Et ass also hei am Land allkéiers de Kandidaten iwwerlooss, fir sech hir Dokumentatioun selwer zesummen ze sichen, wat net fir jiddereen en einfachen Exercice ass. Och gëtt et vläicht Onsécherheeten, ob déi sëlleche referenzéiert Säiten ëmmer op dem leschte Stand vun den Entwécklunge sinn. An anere Länner, wéi z.B. Däitschland, gëtt et Bicher, déi Froen an Äntwerte fir de Nationalitéitstest zesummefaassen, wat fir Kloerheet an Zouverlässegkeet suergt. Natierlech kéint eng Privatinitiativ zu Lëtzebuerg och esou e Referenzbuch proposéieren. Et kéint een awer mat Recht argumentéieren, dat dëst eigentlech an der Zoustännegkeet vum Staat léich, dee jo dee Cours virschreift.

Et géing der Qualitéit vun de Coursen iwwer d'Zesummeliewen hei am Land sécher och net schueden, wann e standardiséiert Referenzwierk géing zur Verfügung stoen.

Dowéinst wollt ech der Regierung dës Fro stellen:

> Wëll d'Regierung e Buch oder eng Textsammlung schreiwen oder opstelle loossen, déi den Enseignanten a Kandidaten am Cours "Vivre ensemble" kéint als Referenzwierk déngen?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

**Äntwert vun der Ministre de la Justice, Sam Tanson, an vum Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro N° 1253 vum 24. September 2019 vum honorablen Deputéierten Fernand Kartheiser**

Fir de Certificat *„Vivre ensemble au Grand-Duché de Luxembourg"* ze kréien, deen ee brauch fir d'Lëtzebuerger Nationalitéit ze kréien, huet een d'Méiglechkeet déi entspriechend Coursen ze besichen oder sech engem Examen zum Thema ze stellen.

Op déi Iwwerpréifung vun de Kenntnisser muss een sech autonom virbereeden. Dofir gëtt et Dokumentatiounspropositiounen, déi zu engem Deel aus dem Buch vum Instruction civique-Cours aus dem Enseignement secondaire „Instruction civique, Classe de IIe, MENFP, ISBN: 9782879950143" an zum aneren Deel aus Säiten vum „Portail officiel du Grand-Duché de Luxembourg" bestinn.

Vun deene Leit, déi um Examen deelhuele wëllen, gëtt eng gewësse Selbststännegkeet doranner verlaangt, sech d'Matière ze beschafen an se ze studéieren, woubäi déi Leit, déi sech domadder schwéier dinn, sech ouni Problem fir e Cours umelle kënnen, an deem si sech d'Dokumenter net selwer beschafe mussen, mee alles wat néideg ass, vun de Formateure vermëttelt kréien.

D'Formateuren beruffen sech ënner anerem op d'Dokumentatiounspropositiounen, hir beruffflech Erfarung an hir Formatioun. Si deelen do och Material aus, dat si fir ubruecht halen, respektiv gi si de Leit op Nofro hin weider Quellen un.

De Cours soll méiglechst interaktiv sinn an op d'Bedürfnisser vun alle Kandidaten agoen, déi mat ganz ënnerschiddlechen Bildungshannergrënn vertruede sinn. An deem Sënn ass et net ubruecht, mat de Leit einfach e Buch duerchzehuelen. Et ass schwiereg, e Buch fir e ganz heterogene Public ze realiséieren, e Buch, dat fir deen een usprochsvoll genuch muss sinn a fir den aneren net ze schwiereg dierf sinn.

D'Matière soll sech, fir d'Coursen lieweg an interessant ze gestalten, och ëmmer op d'Aktualitéit bezéien. Deen Aktualitéitsbezuch wier mat engem Buch schwéier ofzedecken.

Et muss een och ënnersträichen, dass d'Dokumentatiounspropositiounen am Internet méi liicht z'aktualiséieren sinn wéi e Buch.

Zousätzlech géif e Buch fir d'Leit aus de Course vum *„Vivre ensemble au Grand-Duché de Luxembourg"*, déi, genau wéi d'Examen, bis elo nach gratis sinn, och nach méi Onkäschte bedeiten. Zudeem misst dat Buch, genau wéi d'Coursen an d'Examen, dann och dräisproocheg erauskommen an och an deenen dräi Sproochen vun Zäit zu Zäit aktualiséiert ginn, wat nees vill Käschte verursaache géif.

Aus deene Grënn huet de Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse net geplangt, e Buch speziell fir d'Course vum *„Vivre ensemble au Grand-Duché de Luxembourg"* erauszebréngen.